N°383
Entrée le 22.02.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 23.02.2024

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, den 22 Februar 2024

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Finanzminister weiderzeleeden:

„An engem Interview huet den Här Finanzminister rezent matgedeelt, datt beim Staat misst gespuert ginn, fir de wuessenden Defizit ze reduzéieren. Hien huet vun Aspuerpotenzial beim Personal, bei den Infrastrukturen an den Fonctionnementskäschte geschwat.

An deem Kader wollte mir dem Här Finanzminister follgend Froe stellen:

- A wat fir enge Beräicher soll manner Personal agestallt ginn? Ginn et net sensibel Beräicher, wéi Justiz, Police an Educatioun, wou een net einfach op Personal verzichte kann?
- Wat versteet den Här Minister genee ënner Reduzéierung vun den Fonctionnementskäschte beim Staat? Wou gesäit hien do konkret Aspuerpotenzial? Wéi héich schätzt hien dëst Potenzial approximativ an?
- Ausser, datt den Här Minister manner deier Bürosgebaier wëllt finanzéieren, wou wéilt den Här Minister konkret bei aneren Infrastrukture spueren? Wéi grouss gesäit hien de Spillraum an deem Beräich, wuelwëssend, datt bei all Projet eng Rei Normen ze respektéiere sinn? “

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten

Corinne CAHEN
Deputéiert

Groupe Parlementaire du Parti Démocratique
9, rue du St. Esprit • L-1475 Luxembourg
Tel: 22 41 84 1 • dp@chd.lu • www.dp.lu

N°383
Entrée le 18.03.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

**Äntwert vum Finanzminister, Gilles Roth, op déi parlamentaresch Fro n°383 vum 22. Februar 2024 vun den éierbaren Deputéierten Corinne Cahen an André Bauler**

Ech verweisen déi honorabel Deputéierten op de Staatsbudget fir d'Joer 2024, wou d'Eckdate vum Budget skizzéiert ginn an op d'Explikatiounen, déi ech am Kader vun der Präsentatioun vun dësem Budget der Chamber de 6. Mäerz 2024 ginn hunn.

D'Personal beim Staat soll an Zukunft manner séier klammen, wéi dat an der Vergaangenheet deelweis de Fall war. Dat ass zum engen doduerch bedéngt, dass de Staat net ëmmer d'Leit fënnt, déi e sicht. Et sief hei drun erënnert, dass am Hierscht 2023 nach ronn 1.800 Poste beim Staat onbesat waren. Zum anere wëll d'Regierung verstäerkt op d'Digitaliséierung an eng Vereinfachung vun de Prozedure setzen. Déi meeschten Neiastellunge si bei der Police an an der Educatioun virgesinn.

Wat d'Funktionnementskäschten uginn, sou sinn dës an de Joren 2019-2023 an der Moyenne ëm 10% d'Joer an d'Luut gaangen. Fir 2024 gëtt mat enger Progressioun vu 7,3% gerechent.

Ech wëll ofschléissend drop hiweisen, dass d'Investitioune weiderhin op engem héijen Niveau wäerte gehale ginn; dat betrëfft och d'Investitiounen an d'Infrastrukturen. D'Regierung leet hei besonnesch wäert op d'Mobilitéit, déi energeetesch Transitioun an d'Digitaliséierung an orientéiert sech no de politesche Prioritéiten aus dem Koalitiounsprogramm, ouni d'Nohaltegkeet vun de Staatsfinanzen aus den Aen ze verléieren.

Lëtzebuerg, de 18. Mäerz 2024

De Finanzminister

(s.) Gilles Roth